## Matdeelung

D'Gemengeverantwortlech sinn drop higewise ginn, dass d'Situatioun moies a mëttes an der rue André Hentges ëmmer méi chaotesch a geféierlech gëtt, zu den Zäite wou d'Elteren hir Kanner an der Spillschoul ofginn, respektiv wa si se siche kommen, zemools well och nach de Chantier vum Gemengenausbau ugefaangen huet.

Wéi aus de Fotoen ervirgeet, fënnt ee virun der Spillschoul e groussen Undrang un Autoen a Kanner déi zu Fouss kommen.

D'Sécherheet vun de Kanner ass esou net garantéiert. Mir bieden d'Eltere Récksiicht ze huele wa se d'Kanner mam Auto brëngen, andeems se evitéieren, dass d'Autoe sech géigesäiteg blockéieren an dass d'Kanner mussen tëschent den Autoen trëppelen. Et muss onbedéngt e Passage fräi bleiwe fir d'Kanner an d'Elteren, déi zu Fouss kommen, fir hinnen e séchere Wee an d'Spillschoul ze garantéieren ouni dass se gezwonge ginn tëschent den Autoen e Wee ze sichen.

Ausserdeem ass et verbueden um Chantier hannert der Gemeng ze parken an den Accès op de Chantier ze blockéieren.

Falls d'Situatioun sech net bessert, ass d'Gemeng gezwongen aner Moossnamen ze plange fir d'Sécherheet vun de Kanner an den Elteren ze garantéieren.

Mir zielen op Äert Versteesdemech !

D'Gemeng Waldbëlleg

## Avis au public

Il a été signalé aux autorités communales, que la situation dans la rue André Hentges devient de plus en plus chaotique et dangereuse pendant les heures du matin et de l'après-midi quand les parents amènent ou viennent chercher leurs enfants à l'école préscolaire.

La forte affluence de voitures et de piétons provoque des situations dangereuses comme sur les photos ci-dessous.

La sécurité des enfants n'est plus garantie dans une telle situation. Dès lors, nous prions les parents de bien vouloir faire attention à ne pas bloquer complètement la rue André Hentges avec les voitures et d'éviter ainsi que les enfants sont obligés de passer entre les voitures pour arriver à l'école préscolaire.

Il est primordial de laisser à tout moment un passage pour les enfants, ainsi que pour les parents venant à pied pour garantir leur sécurité.

Il est également interdit de stationner la voiture sur le chantier derrière la commune ou de bloquer l'accès au chantier.

En cas de non-respect des consignes, la commune se verra obligée d'entreprendre d'autres mesures pour garantir la sécurité des enfants et des parents.

Nous comptons sur votre compréhension !

Administration communale de Waldbillig

1, rue André Hentges
L-7680 Waldbillig
Tél. (+352) 83 72 87
Fax (+352) 83 77 89
gemeng@waldbillig.lu
www.waldbillig.lu



